LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

**12.10.2021**
Déclaration du gouvernement
sur la situation économique,
sociale et financière du pays 2021

# Eise Wee.
# Eist Zil.




**Xavier BETTEL,**
Premier ministre, Ministre d'Etat

# Eis Klimapolitik

Mir setzen eis ambitiéis Ziler. Bis 2030 wëlle mir eis Zäregas-Emissiounen ëm 55% reduzéieren. Bis 2050 musse mir klimaneutral ginn.






Klimaneutral

**Eisen $CO_2$ Ausstouss reduzéieren**



**An nei & innovativ Technologien investéieren**

**Preventiv Mesurë géint d'Schied vum Klimawandel huelen**

# Eng nohalteg Stroumproduktioun

Mir produzéieren haut dräi mol esou vill Wandenergie wéi nach viru fënnef Joer. An och d'Energie, déi mir duerch d'Sonn gewannen hëlt vu Joer zu Joer zou. Eist Zil: 25% erneierbar Energië bis 2030.




**Sonnenenergie** (a Mw)




**Wandenergie** (a GWK)

# Klimafrëndlech Mobilitéit

De Wee a Richtung Klimaneutralitéit ka just mat engem performanten ëffentlechen Transport geléngen, a Kombinatioun mat héijen Investissementer an déi douce Mobilitéit an d'Schafe vu bezuelbaren an effikassen Alternativen zum Verbrennungsmotor.

An Europa leie mir mat

**567€**

op de Kapp op éischter Plaz beim Ausbau vum Zuchreseau.

Platz 2 an Europa wat eis Opluedinfrastruktur ugeet.

**460 km**

zousätzlech Vëlospisten an de nächste Joren



**> 50.000**

Demande fir d'600€ Primm fir Vëloen, Pedelecs an E-bikes.



**+ 34**

nei Zich

**+ 43 %**

vun der Kapazitéit vum Schinnennetz



Am Juni 2021 sinn

**267.000 kW**

grénge Stroum op ëffentleche Borne getankt ginn.

**1,6 Mio km**

elektresch gefuer ginn.

# Eng Virreiderroll am Klimakampf

De Staat muss senger Virbildfunktioun gerecht ginn an de Bierger an Entreprisen de Wee Richtung Klimaneutralitéit virweisen. De Staat a seng Servicer mussen an de nächste Gang schalten an hir Efforte beschleunegen.



Nohalteg Entwécklung
gëtt zu enger Fuerschungsprioritéit.



Ëffentlech Daachfläche
gi verstäerkt sanéiert a mat
Photovoltaik-Panneauen
equipéiert.

D'Regierung féiert als éischt
europäescht Land en
**NohaltegkeetsCheck**
an, fir legislativ a reglementaresch Texter.




Staatlech Missiounen
an d'Ausland ginn
an Zukunft
$CO_2$-kompenséiert.

# De Klimabiergerrot

Eng konsequent Klimapolitik kréie mir just dann hin, wa mir d'Ënnerstëtzung vun enger gesellschaftlecher Majoritéit hunn. Mir brauche méi wéi jee e gesellschaftleche Konsens doriwwer, wéi mir zesummen d'Klimakris ugoe wëllen.



# Eng zolidd finanziell Situatioun

Während der Pandemie hu mir keen am Reen stoe gelooss. Lëtzebuerg ass ekonomesch a finanziell gutt duerch dës Kris komm. D'Zuele beleeën dat ganz kloer.

## Chômage partiel

**791** Mio

sinn investéiert ginn fir zéngdausenden Aarbechtsplazen ofzesécheren.

## Eis Chômagezuelen

si mat

**5,5 %**

haut erëm quasi um Niveau vu virun der Kris.




## Evolutioun vum PIB

**6,0 %**

Wuesstem fir 2021 prognostizéiert




PIB réel (2019 = base 100)

## Staatschold

Lëtzebuerg huet mat déi nidderegst Schold an der Eurozone.



# Eise Sozialsystem weider ausbauen

Mir mussen eist soziaalt Opfanknetz nach méi enk spanen, fir datt kee méi derduerch fale kann. Mir gräife sozial schwaache Stéit séier an onkomplizéiert finanziell ënnert d'Äerm.

**Vu Januar 2022 un**

**+ 200€**

Erhéijung vun der
**Allocation de vie chère**

**Reindexéierung**

vun de Familljeleeschtungen
trëtt am Januar 2022 a Kraaft.
(inkl. Indextranche vum 1. Oktober 2021)

An Zukunft kënne Kanner vu Familllje mat klengem Akommes gratis an der Grondschoul an am Lycée iessen.

Erspuernis vun
**846 €**
am Joer eleng am Lycée.

# De Sozialdialog als Garant fir de soziale Fridden

D’sozial Kohesioun an de Sozialdialog sinn e feste Bestanddeel vum Lëtzebuerger Erfollegsmodell. Mir si méi staark, wa mir de Wee zesumme ginn, dee virun eis läit.



Säit dem Ufank vun der Pandemie huet d’Regierung am Kader vum Sozialdialog ronn

**100**

Entrevue mat de Sozialpartner organiséiert.

An enger Tripartite virum Enn vum Joer wëlle mir zesumme mat de Gewerkschaften an dem Patronat iwwert déi grouss sozial Erausfuerderunge am Aarbechtsmaart schwätzen.



# Bezuelbaren Wunnraum schafen

De Logement ass a bleift eng Prioritéit vun dëser Regierung. Mir schaffe weider all Dag drun, fir méi bezuelbare Wunnraum ze schafen an huelen déi Mesuren, déi noutwenneg sinn, fir d'Logementskris an de Griff ze kréien.




Déi ëffentlech Hand soll mëttel- a laangfristeg zum gréissten Acteur am Logement ginn.

Bei neie PAPen ginn

**10-20 %**

un d'ëffentlech Hand fir bezuelbare Wunnraum ze schafen.



Investissementer an d'Schafe vu bezuelbare Wunnraum.




Bis 2025 sollen déi ëffentlech Bauträger 8.200 zousätzlech Logementer bauen.

**+ 8.200**

Logementer

**Bis 2025**

# Aktiv géint d’Spekulatioun virgoen

Mir lauden e Paradigmewiessel am Logement an. Wunnraum soll kee Spekulatiounsobjet sinn.





## Spekulatioun besteieren

Am Kader vun der Grondsteierreform gëtt e Modell ausgeschafft fir net occupéiert Logementer & net bebauten Terrainen méi staark ze besteieren.

## Mam Baulandvertrag

mussen nei Bauterrainen ënnerhalb vun enger gewëssener Zäit bebaut ginn.

# Esou vill Sécherheet wéi néideg, esou vill Fräiheet wéi méiglech.

Dëse Prinzip huet eis permanent begleet. D'Regierung huet hir Äntwert op d'Covid Kris zu all Moment ugepasst a mir si gutt duerch déi sanitär Kris komm.



**> 793.000**
Impfdosen

**> 73,8%**
vun den 12+
si geimpft



**70 %**
vun de positiv
geteste Leit
sinn net geimpft

**4 Mio**
**PCR Tester**
sinn zu Lëtzebuerg
gemaach ginn.



**99,2 %**
vun den Infektiounen
sinn duerch den LST
fonnt ginn.

**16 Mio**
**Schnelltester**
si vun der Regierung
un d'Entreprisen,
d'Horeca, de Gesondheets- a
Fleegeberäich an d'Schoulen
verdeelt ginn.





Fir d'Léieren aus
der Pandemie
ze zéien a besser
an Zukunft virbereet
ze sinn, loosse mir eng
onofhängeg Etude
réaliséieren.

# E staarke Gesondheets-secteur

Mir stellen d’Preventioun méi staark an de Virdergrond a verbesseren den Zougang zum Hausdokter an alle Regioune vum Land.

1



Mat der
**Hospitalisation à domicile**
wëlle mir do wou et méiglech ass, onnéideg laang Openthalter am Spidol verhënneren.

2

**Innovatioun & Digitaliséierung**
an der Diagnostik, der Behandlung an der Ënnerstëtzung vum Patient.

3

Mir schafen en nationalen
**Observatioire de la Santé**
fir en effikasse Monitoring ze erlaben.

4

Fir a Krisenzäite manner ofhängeg vum Ausland ze sinn, schafe mir eng national
**Agence du médicament**.

# D’Stäerkte vun eise Kanner a Jonke förderen

Jidderee muss d’Méiglechkeet hunn, den héchstméigleche Bildungsniveau ze erreechen, dee sengen Talenter a Wënsch entsprécht. Dovun hänkt d’Zukunft vun eiser Gesellschaft, vun eisem Land of.



# D’Liewensqualitéit vun eisen eeleren Matbierger weider verbesseren

Déi geplangten Investitiounen an d’Infrastrukturen an an d’Mënschen am Senioreberäich befannen sech op engem Héchstniveau.

**600** Mio
fir ronn **2.000 nei a bestoend Better** mat ze finanzéieren.

## Digital Inclusioun
weider promouvéieren.

## Qualitéit
vun de Servicer verbesseren a Personal méi spezifesch forméieren.

## + Tranparenz
an de Präiser vu Servicer.

Léieren aus der Pandemie
**Rechnung droen**.

# Méi Zäit fir d’Liewen

Mir liewen net fir ze schaffen. Mir schaffe fir besser ze liewen. De Facteur „Zäit“ ass dat leschte Joer nach méi an de Fokus geréckelt. Zäit fir sech selwer. Zäit fir seng Léifsten.

## De Work/Life-Balance-Pak



**Méi Flexibilitéit & Zäit**
mat de Kanner erméiglechen.

Elteren déi allen zwee
**Congé parental**
huele gi belount.

E Recht op
**Deelzäit**
gëtt agefouert.



**Télétravail**
Dauerhaft eng attraktiv Alternativ zum Schaffen um Büro erméiglechen.



**Dezentraliséierung**
vun den Aarbechtsplaze weider virundreiwen.

**Co-working spaces**
Déi vun ënnerschiddleche Betriber kënne genotzt ginn.

# Déi digital Transformatioun virun dreiwen

D’Digitaliséierung huet e grousse Sprong no vir gemaach. Mir verbessere bestoend digital Produiten a proposéieren dem Bierger nei Servicer déi ëm d’Liewe vereinfachen.




**MyGuichet App**



**+ 150.000**
Downloads

**CovidCheck.lu App**




**+ 327.000**
Downloads

# Eng gerecht Breedbandstrategie

Et dierf keng geographesch an och keng sozial Fro sinn, ob ee vun der bescht méiglechster Connectivitéit ka profitéieren. Dofir féiere mir och nei Subsiden a fir Menagen, déi sech den Uschloss un d'Fiber net leeschte kënnen.



# En digitale Frontrunner

Mir hunn an de leschten 10 Joer vill erreecht. Mir däerfen eis net um Succès vun haut ausrouen. Elo gëllt et eng Schëpp bäi ze leeën an do ze investéieren, wou et wichteg a richteg ass.